LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5786 vum 20. Februar 2022 vun den honorabelen Deputéierten Här André Bauler an Här Gilles Baum.**

Den Centre Hospitalier du Nord huet eng Policlinique am Spidol zu Woltz en Place gesat wou kleng Urgencen kënnen en charge geholl ginn. D' Öffnungszäiten sinn vun 7 Auer moies bis 19 Auer owes souwuel an der Woch wéi och den Weekend. Méi schwéier Urgencen ginn am Spidol zu Ettelbréck en Charge geholl.

Doriwwer eraus hält den Gesondheetsministère un der aktueller Praxis fest, dat eng Maison médicale, grad sou wéi eng eventuell Annexe dovun, ëmmer an der direkter Proximitéit vun engem Akkutspidol muss fonctionnéieren. Am Fall vum Kanton Klierf, wéi iwweregens fir all déi aner Deeler vum Land, wou zur Zäit keng Maison médicale an direkter Emgéigend ass, setzt den Gesondheetsministère weiderhin op déi sougenannten Cabinets de groupe, also Praxen wou ob mannst 4 Generalisten schaffen an d'Öffnungszäiten och op den Owend an Weekends ausgedehnt ginn. An deem Sënn ass och den Wëllen do fir en Austausch mat den betraffene Gemengen fir eng Léisung ze fannen.

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert